



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 29 juillet 2021
Réf. QP-97/21

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°4569 « Modifications de la mention du sexe et des prénoms de mineurs » du 29 juin 2021 des honorables Députés Jeff Engelen et Roy Reding

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Pour la Ministre de la Justice

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'C. Konsbruck', written in a cursive style.

Claudine Konsbruck
Conseiller de Gouvernement 1^{ère} Classe



Projet de réponse à la question parlementaire N°4569 du 29 juin 2021 des honorables députés Jeff Engelen et Roy Reding relative à la modification du sexe et du/des prénoms à l'état civil

Fir Mëssverständnesser ze vermeiden, ass ze ënnersträichen dat d'Gesetz vum 10. August 2018 dat et erlaabt d'Geschlecht an den Virnumm zivilrechtlech ënnert verschidden Konditiounen ze änneren, net um „Gefill“ vun den betroffenen Leit berout mee op der „*possession d'état*“. Dat heescht dat eng Persoun déi eng Demande an dem Sënn mécht, beweisen muss - an zwar ënnert all Form - dat se sech ënnert anerem mam Geschlecht mat dem se sech identifizéiert och scho an der Ëffentlechkeet presentéiert an dat se esou bekannt ass an hirem Ëmfeld.

- 1) *Wéi huet sech säit dem Akraafttriede vun dësem Gesetz d'Zuel vun de Mënschen, gestaffelt no Alterskategorien (bis 5 Joer, 5-12 Joer, 12-18 Joer, iwwer 18 Joer), déi beim Justizministär eng zivilrechtlech Ännerung vun hirem Geschlecht ugefroot hunn, entwéckelt ?*

Säit dem Akraafttriede vun dem Gesetz vum 10. August 2018 goufen 105 Demandë un de Justizministère **gestallt**. Dës Demanden hunn sech folgendermoosse den Alterskategorien no gestaffelt:

	2018	2019	2020	2021
Mannerjäreger vun 5-18 Joer	1	11	7	3
Volljäreger ab 18 Joer	6	32	27	18

Et ass hei ze ënnersträichen dat nach net all Demande fäerdeg traitéiert gouf.

D'Demandë fir Mannerjäreger ënnert 5 Joer mussen beim Beziirksgeriicht gestallt ginn. Allerdéngs leien den Autoritéiten do keng Zuelen vir, well sech esou Fäll nach net gestallt hunn.

- 2) *Wéi vill vun den Demanden, déi säit dem 10. August 2018 un de Justizministär gestallt goufen, sinn **approuvéiert** ginn?*

All d'Demandë, déi säit dem 10. August 2018 un de Justizminister gestallt goufen, déi komplett waren an d'Konditiounen vum Gesetz erfëllt hunn an, goufen bis dato **approuvéiert**.

Op den Datum vum 26. Juli 2021 gouf keng Demande refuséiert, ausser wann d'Demandë net ënnert den „*champ d'application*“ vum Gesetz vum 10. August 2018 gefall ass.



- 3) *Leien der Regierung Donnéeë vir, wat déi weltwäit Zuel vu Länner betrëfft, an deenen (a) Kanner vu manner wéi 5 Joer, (b) Kanner tëscht 5 an 12 Joer (c) Kanner tëscht 12 an 18 Joer hiert Geschlecht zivilrechtlech wiessle kënnen, ouni eng medezinesch oder psychologesch Attestatioun virzeweisen?*

Et leien der Regierung keng Donnéeën vir, wat déi weltwäit Zuelen betrëfft, am Sënn vun der Fro.

- 4) *Wéi vill Persounen insgesamt gehéieren hei am Land zivilrechtlech engem Geschlecht un, dat net hierem biologesche Geschlecht entsprécht?*

Den Justizministère traitéiert d'Demandë déi hei am Land oder vun den Lëtzebuenger Bierger déi am Ausland liewen gestallt ginn an kann déi statistesch erfaassen. Allerdéngs kënn et och vir dat eng Persoun, déi zum Beispill am Ausland hiert Geschlecht geännert huet, hei zu Lëtzebuerg d'Unerkennung ufreet. Déi Unerkennung kann déi Persoun ënnert verschidden Konditiounen hei zu Lëtzebuerg duerch eng administrativ (Gemeng) oder geriichtlech (Exequatur) Prozedur ufroen. Déi Zuelen leien dem Justizministère allerdéngs aus Kompetenzgrënn net vir.

- 5) *Leien der Regierung Fäll vu Persounen vir, déi hei am Land hier Geschlecht zivilrechtlech zweemol gewiesselt hunn (sougenannt „de-transitioner“)?*

Op Basis vum Artikel 16 vum Gesetz vum 10. August 2018 kann eng volljäreg Persoun, déi hei am Land eng éischte Kéier hiert Geschlecht zivilrechtlech gewiesselt huet, eng zweete Kéier eng Ufro virun dem kompetenten Beziirksgeriicht maachen fir hiert Geschlecht ze wiesselen.

Et ass dem Justizministère kee Fall bekannt, wou eng Persoun dës Prozedur an Usproch geholl hätt.